



Beefort, den 3. Abrëll 2020

## Léif Awunner aus der Gemeng Beefort,

Mëttlerweil befanne mer eis an der drëtter Woch vun enger aussergewöhnlecher Situatioun. Eng Situatioun, déi sech sou lues awer sécher agependelt huet an d'Leit sech um neie Liewensrhythmus ugepasst hunn. Jiddereen, deen dozou bäidrëit, datt d'ëffentlech Liewe weidergeet an doduercher selwer der Gefor vun enger Infektioun ausgesat ass, ee grouse Merci gesot.

### Eng kleng Zesummeffaassung aus de leschten Deeg

- D'Poubelle gi weiderhin eidel gemeet. D'Reorganisatioun ass allerdéngs bis op Weideres agestallt. Wann et souwäit ass, da kritt jiddereen ee Brëif mat enger neier, nammlecher Etikett geschéckt. Déi aktuell Etikett bleift weiderhin gültig a kann drop bleiwen oder zum spéideren Zäitpunkt duerch déi nei a propper Etikett ersat ginn.

- De Cabinet médical ass nieft den normalen Zäiten an der Woch och samsdes a sonnes vun 10 bis 12 Auer a vu 15 bis 17 Auer besat. D'Praxis ass zou an ënnert der Nummer 86 94 86 leeft eng Téléconsultatioun. D'Leit si gebiede gedëlleeg ze bleiwen, och wann den Telefon wéinst de villen Uriff besat ass. D'Gemeng Beefort organiséiert fir Leit, déi sech net dierfe bis an d'Apdik déplacéieren, ee Liwwerdéngscht fir dës Artikelen ze besueren. Allerdéngs **NËMMEN AN NOUTFÄLL A MAT ENGER ORDONNANCE MÉDICALE**. Déi betrafte Leit solle sech um Telefon 83 60 45 20 während de Büroszäite mellen.

- Kinésithérapie et ostéopathie de Beaufort: De Cabinet 2 an der Senioreresidenz ass zou an de Cabinet 1 op Nummer 90, Grand-Rue bleift nëmmen op fir "traitements prioritaires". Dat sinn liewenswichtig Traitementer oder Patienten, déi wa se keng Kiné géife kréien, hospitaliséiert misse ginn.

- Wéi ee schonns bestëmmt matkritt huet ass d'Schoul bis op mannst de 4. Mee zou. D'Gemeng Beefort rífft d'Schoukanner dozou op fir un engem Molconcours deelzehuelen. D'Thema ass "No der Zäit vum Coronavirus freeën ech mech am meeschten op ...". Et ass de Kanner iwverlooss op wéi engem Material se wëlle molen an och d'Wiel vun de Faarwen ass egal. D'Bild soll allerdéngs am Din-A4-Format sinn. D'Kanner ginn hiert Bild den éischte Schouldag no der Paus bei hirem Enseignant of. Op der Récksäit vum Bild schreiw si hire Virnumm an den Numm, d'Klass an den Numm vun hirem Enseignant. Eng Jury wäert déi schéinste Biller auswielen an d'Gewënner ermëttelen. Des Weidere ginn d'Billen am Kader vun enger grousser Ausstellung dem Public gewisen.

Zum Schluss nach zwou interessant Internetsadresse fir Eltere mat Kanner: [www.kannerdoheim.lu](http://www.kannerdoheim.lu) a [www.schouldoheim.lu](http://www.schouldoheim.lu).

## Chers habitants de la commune de Beaufort,

Actuellement nous nous trouvons dans la troisième semaine d'une période difficile. Une situation qui s'est un peu stabilisée et entre-temps beaucoup de nous se sont adaptés à ce nouveau mode vie. Encore une fois un grand Merci à chacun qui s'engage pour leurs concitoyens et qui risque de se contaminer pendant son travail.

### Récapitulation de dernières nouvelles récentes

- Toutes les collectes à poubelles subsistent et la réorganisation est suspendue. Quand le moment sera venu les propriétaires vont recevoir une lettre avec une nouvelle (même) étiquette. L'étiquette actuelle reste valable et on peut la laisser sur le couvercle ou bien la remplacer à temps utile.

- Le cabinet médical est maintenant également occupé le samedi et dimanche de 10 à 12 heures et de 15 à 17 heures. Le cabinet est fermé au public. Les gens sont priés d'appeler le 86 94 86 pour une téléconsultation et d'être patient à cause de nombreux appels. La commune de Beaufort organise pour les gens, qui ne peuvent pas se déplacer à la pharmacie, un service de livraison **UNIQUEMENT EN CAS D'URGENCE ET AVEC ORDONNANCE MÉDICALE**. Les concernés sont priés de d'appeler le 83 60 45 20.

Kinésithérapie et ostéopathie de Beaufort: Le cabinet 2 (Senioreresidenz) est fermé et le cabinet 1 au 90, Grand-Rue est uniquement ouvert pour les traitements prioritaires (traitements vitaux et pour patients, qui sans traitements devraient être hospitalisés).

- La fermeture des écoles est prolongée jusqu'au 4 mai au moins. La commune de Beaufort fait un appel aux élèves de participer à un concours de dessins. Le sujet de ce concours est « Après le temps du coronavirus je me réjouis le plus de ... ». Le choix des couleurs et du matériel utilisé et laissé aux enfants sauf le format qui est Din-A4. Le dessin est à remettre à leur enseignant le premier jour de l'école après la fermeture. Au verso du dessin les enfants noteront leur prénom et nom, leur classe ainsi que le nom de leur enseignant. Un jury choisira les meilleurs dessins et déterminera les vainqueurs. De plus les dessins seront montrés au public lors d'une grande exposition.

Une petite information aux parents : voici deux adresses internet intéressantes et utiles pendant ces temps du confinement [www.kannerdoheem.lu](http://www.kannerdoheem.lu) et [www.schouldoheem.lu](http://www.schouldoheem.lu). Ce dernier lien est également disponible en langue portugaise.

**!!! BLEIFT DOHEEM A GESOND !!!**

**!!! RESTEZ A LA MAISON ET DE BONNE SANTÉ !!!**

**Le collège échevinal**

**Camille Hoffmann**

**Jean-Luc Nosbusch**

**Emile Wies**